

Erenneronk.

Et wor e Land, e sche'nt, e klengt,
Dat wo'sst vu Kommer neischt a Léd.
Seng Bürger huet kê Feind bedrängt,
Kên Hâss, kên Neid huet si geschêd.
D'Sonn huet so' wârm erofgeblent
A frendlêch Dâller, voller Frid.

Fro' huet all Mensch sech zo'gewenkt;
Ivral wor Gleck, ivral e Lid. —

We' leschtech huet all Quell gespru-
delt,

We' wor all Bâchelchen so' sche'n!
We' hemlech huet d'klengt Kand ge-
tuddelt

A senge le'wen Hêmechtste'n!

Wo' konten d'Ro'sen me' sche' ble'ën

We' an dem fro'e klinge Land?

Wo' kont e Millrad me' fléck dre'en?

A wo' huet me' stark d'Le'ft ge-
brannt? —

We' prächtech woren dach seng
Bescher,

Voll decker Echen, schlanker Lannen!

Wo' wor fir d'Jéer a fir d'Fescher,

Net Weld am Iwerfloss ze fannen?

We' hun als Zeien aler Pracht

Stolz Burgen keng an d'Dal gekukt!

An d'Vollék huet vru kenger Macht,

Vru kengem Joch sech feig gedukt. —

Am Minettsland, we' bei de Riewen,

De Ginsterbierger grad so' gut,

As d'Le'ft zur Freihêt gleich mam

Liewen

Him iwergang a Flêsch a Blut.... —

«O le'ft sche'nt Land, du Paradeis;

«O we'! dat d'Gleck dir net me' lacht!

«Dei ro'de Le'f um Feld bloweiss

«Huet dech ge'nt d'Ongleck schlecht
hewacht.»

Ysiem.